N°406
Entrée le 29.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Vill Leit wiesselen am Laf vun hirem Liewen de Wunnsëtz an ëmmer méi Leit ginn och an d'Ausland wunnen, sief et well si do eng Aarbecht fonnt hunn oder fir hire Liewensowend ze genéissen. Wa Persounen hire Wunnsëtz definitiv an d'Ausland verleeën, mussen si sech zu Lëtzebuerg ofmellen. Domat sinn si natierlech och net méi bei der Krankekeess affiliéiert. Si kréien dann een entspriechenden Ziedel, mat dem si sech an hirem neie Wunnland bei der Krankekeess kënnen umellen. Bis dëse Prozess ofgeschloss ass an d'Leit nees krankeversécher sinn, kann et awer wuel e puer Wochen daueren, an deenen d'Leit net richteg versécher sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Geet dës Karenzzäit, déi entsteet, fir sech bei der Krankekeess zu Lëtzebuerg a bei der Krankekeess am neie Land of- an unzemellen, op eng lëtzebuergesch oder eng europäesch Gesetzgebung zréck?

2. Sollt et sech ëm eng reng lëtzebuergesch Legislatioun handelen, ass d'Regierung gewëllt, déi definitiv Ofmeldung bei der Lëtzebuerger Sécurité social esou laang ze verlängeren, bis déi definitiv Umeldung am neie Wunnland ofgeschloss ass?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten